



Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
Lëtzebuerg, den 14. Juni 2019



Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, des parlamentaresch Fro un d' Madamm Inneministesch weider ze leeden.

Laut eisen Informatiounen feelt et a ville CGDIS'en souwuel un berufflechem Personal wei och un Benevolle fir di deeglech Erausforderungen ze meeschten.

An deem Kontext wollt ech folgend Froen un d' Madamm Inneministesch stellen;

- Wei vill berufflecht Personal gouf bis elo rekrutéiert?
- Wei vill Leit sollen dëst Joer ageballt ginn?
- A wei enge Zentere sinn si affektéiert ginn?
- Wei well d' Madamm Ministesch de Rekrutéierungsproblem léisen?
- Ass e Joresplang virgesi wei soll rekrutéiert ginn?
- Gesäit d' Regierung vir sech méi finanziell Mëttelen ze ginn fir de Corps ze verstärken?

Mat déiwem Respekt,

Françoise Hetto
Députéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

La Ministre

Luxembourg, le 17 juillet 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS

Entrée le :

17 JUIL. 2019

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
43, bld Roosevelt
L-2450 Luxembourg

Concerne : Question parlementaire n°789 de l'honorable Députée Françoise Hetto concernant le personnel professionnel du Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS)

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire sous rubrique. La version électronique a été transmise à vos services par voie de courriel.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Pour la Ministre de l'Intérieur

Alain Becker

Premier Conseiller de Gouvernement

Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina BOFFERDING, op d'parlamentaresch Fro n° 789 vun der honorabeler Deputéierten, Françoise HETTO

Déi honorabel Deputéiert freet an hirer parlamentarescher Ufro Präzisiounen iwwert dat berufflech Personal beim Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS).

Laut dem Rapport d'activité vum CGDIS, deen den 1. Juli 2019 virgestallt gouf, schaffen am Moment 488 Berufspompjeeën an 175 Persounen als technesch an administrativt Personal beim CGDIS.

De nammlechten Dag huet eng Campagne ugefaangen, fir 50 zousätzlech Berufspompjeeën am Cadre de base an 8 Offizéier am Cadre supérieur ze rekrutéieren.

Aktuell kann net vun engem Rekrutéierungsproblem geschwat ginn. Bis elo hu sech ëmmer genuch Kandidatinnen a Kandidate gemellt, wa Poste vum CGDIS ausgeschriwwe goufen.

Sou wéi d'Gesetz et virgesäit, leet de Generaldirekter dem Verwaltungsrot vum CGDIS am Hierscht e laangjäreg Plang fir de Rekrutement vir.

Säit 2013 ass, en Vue vun der Kreatioun vum CGDIS, d'Unzuel vu Berufspompjeeë bei der fréierer Verwaltung vun de Rettungsdéngschter konsequent erhéicht ginn. Am Zäitraum vun 2009 bis 2019 goufen hei 211 nei Poste geschaf. Doniewent huet d'Stad Lëtzebuerg tëscht 2008 an der Mise en service vum CGDIS am Juli 2018, 13 zousätzlech Posten als Berufspompjee geschaf. Säit dem 1. Juli 2018 huet de CGDIS 52 Mataarbechterinnen a Mataarbechter aus dem Gemengesecteur iwwerholl, déi zum Deel eng hallef Tâche fir de kommunale Pompjeescorps haten an elo vollzäiteg ugestallt sinn.

Och an Zukunft wäert d'Regierung, zesumme mat de Gemengen, dem CGDIS déi noutweneg finanziell Mëttel zur Verfügung stellen fir kënnen dat Personal anzustellen, dat gebraucht gëtt fir déi deeglech Erausforderungen ze meeschteren. Dobäi sief och drun erënnert, dass de CGDIS bis elo all Asaz konnt meeschteren an dass den 112 op all Uruff eng adäquat Äntwert konnt ginn.

